TROUN
WIESSEL

*Traduction de courtoisie*

# USPROOCH VUM PREMIERMINISTER LUC FRIEDEN
# BEI DER ABDICATIOUN VUM GRAND-DUC HENRI

*Palais grand-ducal, Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2025*

Altesse Royale,

D'Geschicht vun enger Natioun schreift sech ronderëm Momenter a Personnagen. An haut ass en Dag op deem béides beieneekënnt – de Moment vum Trounwiessel an d'Liewenswierk vun enger grousser Perséinlechkeet.

Den Arrêté, dee mir grad ënnerschriwwen hunn, markéiert d'Enn vun Ärer Zäit als Staatschef vu Lëtzebuerg.

Et ass e wierklech historesche Moment – een deen déi meescht vun eis just 2 oder 3 Mol erliewen.

Op Nationalfeierdag dëst Joer hu mir zeréckgekuckt a 25 Joer Règne gefeiert – eng Zäit vu Fridden, Fräiheet a Wuelstand zu Lëtzebuerg, alles dat wat haut leider op ville Plazen op der Welt net selbstverständlech ass.

Monseigneur,

Merci fir 25 Joer am Déngscht vu Lëtzebuerg, vum Land a senge Leit – deenen déi hei gebuer sinn, an deenen déi dobäi gestouss sinn. Dir hutt eise sozialen Zesummenhalt ëmmer an de Vierdergrond gestallt.

Merci fir 25 Joer als Zeeche vu Lëtzebuerg, vun eiser Onofhängegkeet a Souveränitéit. Am Ausland an och no bannen. Dir waart, sidd a bleift e wichtege Bestanddeel vun deem wat mir ons Heemecht nennen.

Merci fir 25 Joer als Staatschef vu Lëtzebuerg. Dir hutt eisen demokrateschen Institutiounen déi Kontinuitéit ginn déi se brauche fir ze funktionéieren. Et war mir eng grouss Freed an Éier konnten Iech als leschte Premierminister vun Ärer Amtszäit an där Aufgab zur Säit ze stoen.

Dir hutt Är Roll mam perfekten Equiliber tëscht Würd an Nobarkeet, tëscht Seriö an Oppenheet, tëscht Dignitéit a Mënschlechkeet, ausgefëllt.

Dir hutt Iech déi Roll net erausgesicht. Dir sidd an déi Roll era gebuer ginn. Mais d'Lëtzebuerger Vollek, mir all, hätten eis kee bessere kënne wënschen.

Well dir hutt déi Funktioun mat Häerz a Liewe gefëllt. Dir hutt wuertwiertlech Äert ganzt Liewen doran investéiert fir eisem Land en treien Dénger ze sinn.

An dat ass am Sënn vun enger moderner Monarchie. Eng Monarchie déi sech selwer an den Déngscht stellt. Déi hir Roll versteet als Ënnerstëtzer vun de beschte Säite vun eisem Land, an als Pilier vun eise fundamentale Wäerter an héchsten Idealer.

Dir, Monseigneur, hutt an Äre 25 Joer als Grand-Duc, Lëtzebuerg gepräägt. D'Geschicht vun eisem Land kann haut net méi erzielt ginn ouni ee Kapitel iwwert Iech.

An zu deem Kapitel gehéiert och Är Fra – d'Grande-Duchesse Maria Teresa. Och hire beandrockenden Asaz fir humanitär Causen, heiheem an am Ausland, bleift en Deel vun dëser Geschicht.

Als Elteren hutt Dir Ären eelste Fils, de Prënz Guillaume, sou gutt wéi nëmme méiglech op seng nei Roll un der Spëtzt vun eisem Land virbereet an de Grondstee vu sengem Kapitel als Grand-Duc geluecht.

Merci Monseigneur, Merci Madame.

D'Monarchie zeechent sech aus duerch d'Kontinuitéit. Dofir gëtt och direkt an dësem historesche Moment de Prënz Guillaume den neie Grand-Duc vu Lëtzebuerg.

Monseigneur,

Esou wéi d'Lëtzebuerger Vollek Ärem Grousspapp an Ärem Papp, dem Grand-Duc Jean an dem Grand-Duc Henri, ëmmer trei zur Säit stoung, wëlle mir och Iech voll a ganz ënnerstëtzen, am Déngscht vun engem friddlechen an demokratesche Lëtzebuerg an Europa.

Vive de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa!

Vive de Grand-Duc Guillaume an d'Grande-Duchesse Stéphanie!

Vive Lëtzebuerg!